



Nationalkongress, den 11. Oktober 2020 zu Ettelbréck

ADR-Resolutioun
am Kontext vun der Thematik

Asyl a Migratioun

AFÉIERUNG	3
A) SITUATIOUN VUN DEENE LEIT, DÉI ASYL FROEN, A VUN DE KRICHS- FLÜCHTLINGEN (NO DER GENFER KONVENTIOUN) AN HIREN ACCUEIL ZU LËTZEBUERG	5
B) EUROPÄESCHEN AN INTERNATIONALE KADER	7
C) PROZEDUREN	9

Aféierung

D'Positioun vun der ADR an der aktueller Situatioun am Kontext vu Migratioun an Asyl

Mat Suerg gesäit d'ADR d'Entwécklung ronderëm déi ganz héich Zuel vu Persounen, déi massiv, besonnesch zënter 2015, an d'EU kommen, fir do en internationale Schutzstatut ze froen.

Si kann **net erkennen, datt déi aktuell blo-rout-gréng Regierung kloer Konzepter** an där Fro hätt, ausser datt si ganz vill Leit wëll ophuelen a gläichzäiteg, allerdéngs **ouni Erfolleg, fir obligatoresch Verdeelungsquoten op EU-Niveau** antrëtt. Lëtzebuerg ass an der Tëschenzäit, no dräi direkt exposéierte Mëttelmierlänner, dat Land mat dem prozentual véierthéchstem Undeel vun esou Persounen an der Europäescher Unioun.

D'ADR hält et dowéinst fir wichteg, hir Positiounen an dësem Beräich nach emol kloer duerzestellen. Dëse Pobeier berout op enger Positioun, déi d'ADR schonn 2015 an dëser Fro geholl huet, an déi elo, am Liicht vun den Entwécklung vum deene leschte Joren, aktualiséiert gouf.

D'ADR stellt fest, datt si, och an dësem wichtege Beräich, déi eenzeg Partei ass, déi kloer Alternativen zu der Politik vun der Regierung huet.

D'ADR bedauert, datt déi dräi Regierungsparteien, wéi och d'CSV, d'Piraten an déi Lénk, weiderhin toleréieren, jo esouguer aktiv ënnerstëtzen, datt eng gréisstendeels onkontrolléiert Immigratiounswell vu Persounen, déi an Europa e Schutzstatut wëllen ufroen, ka stattfannen. Si stellt fest, datt dës **Persoune vu baussent der EU nëmmen zu engem Deel Usproch op Schutz an der EU hunn** an datt vill Persounen am Kader vun esou Migratiounsbewegungen aus **reng ekonomesche Grënn** a baussent alle legalen Dispositiounen vum Immigratiouns-, Aarbechts- an Openthaltrecht an Europa wëlle kommen.

D'ADR fäert, datt dës Entwécklung d'Akzeptanz fir déi international Rechtsinstrumenter ka schwächen, déi d'Asylrecht an de Schutz vun Zivilpersounen a Konfliktsituatiounen solle garantéieren.

Fir all Verwiesslung ze verhënneren, betount d'ADR, datt si weider der Iwwerzeegung ass, datt Lëtzebuerg en **offenen Aarbechtsmaart fir Leit aus EU-Staaten brauch**, dëst a Konformitéit mat der Zirkulationsfräiheet am Kader vum EU-Bannemaart. Och Persounen, déi legal aus Drëttstaate kommen, fir hei ze schaffen, nodeems d'Reegele vun der „préférence communautaire“ gepréift goufen, si selbstverständlech wëllkomm. Dat gëllt och fir Studenten oder Persounen, déi am Kader vun enger legaler Familljenzesummeféierung op Lëtzebuerg kommen.

D'ADR mécht op eng Rei vu Konsequenzen vun där aktueller Regierungspolitik opmierksam, déi hir grouss Suerge maachen:

- Déi **automatesch Verdeelung vu Migranten**, déi e Schutzstatut froe wëllen, no engem **Quoteschlëssel** tëschen de Memberstaaten vun der Europäescher Unioun, esou wéi Lëtzebuerg se 2015 an der EU iwwer eng qualifizéiert Majoritéit am Ministerrot decidéiere gelooss huet, huet **nëmmen Sträit bruecht a weider déif Rëss an enger scho fragilisierter EU verursaacht**. Haut ass nëmmen nach eng kleng Minoritéit vu Memberstaaten, dorënner Lëtzebuerg, bereet, fir esou Migranten opzehuelen. Den Europäesche Gerichtshaff, deen aus politeschen an integrationistesche Grënn sollt hëllefen, d'Quoteregelung duerchzesetzen, huet duerch säin Urteel en Deel vu senger Autoritéit an enger Rei vu Memberstaaten verluer. D'ADR betount awer, datt et **am lëtzebuergeschen Intressi läit, gutt Relatiounen tëscht den EU-Memberstaaten ze hunn**.

- Verschidden Ofkommens, déi Hëllef sollen, iwwert de Wee vun eesäitegen a conditionnéierte Grenzspärungen, déi Migratiounsbewegungen iwwert de Balkan oder d'Mëttelmier ze kontrolléieren, wéi z.B. mat der Tierkei, hunn d'EU an eng **geféierlech Ofhängegkeet vun deene concernéierte Staate** bruecht.
- D'ADR warnt virun deene méiglechen, **laangfristege Konsequenze vun där Zort Migratioun** op déi europäesch Politik an déi europäesch Gesellschaften.
- D'ADR bedauert, datt d'Politik vun enger Rei vun EU-Memberlänner **Schleiseraktivitéiten** éischer begëschtegt wéi verhënnert huet. Doduerch hunn déi Staaten och eng Matverantwortung fir vill mënschlech Tragedien op de Migratiounsrouten.

D'ADR **refuséiert als eenzeg Partei den UN-Migratiounspakt**. Si gesäit am öffentlechen, internationale Recht keng Basis fir e Recht op Migratioun a refuséiert e gesteierten Afloss op d'Medien, déi d'Migratioun sollen ëmmer positiv presentéieren.

D'ADR bedauert och, datt déi **Lëtzebuurger Diplomatie** sech an deene leschte Joren **net ëmmer un d'Reegele vun der diplomatescher Courtoisie gehalen huet**, besonnesch am Kontext vun der Migratiouns- an Asylthematik, an doduerch d'**Verhältnis vu Lëtzebuerg zu anere Staaten onnéideg belaauscht** huet. D'ADR setzt sech dofir an, datt déi Lëtzebuurger Diplomatie d'Intressen vun eisem Land effikass, héiflech a professionell vertritt.

D'ADR bedauert och, datt de Chef vun der Lëtzebuurger Diplomatie, den Här **Jean Asselborn**, sech ëmmer nees, besonnesch och am Kader vun der Migratiounspolitik, zu **öffentlechen, verbalen Entgleisunge** géintwärt aneren europäesche Politiker oder Memberstaaten hiräisse léisst. Esou e Behuelen ass net am Intressen vun eisem Land.

D'ADR **refuséiert aus all deene Grënn d'Migratiounspolitik vun der Regierung a verlaangt e Politikwiessel an deem Beräich**.

D'ADR ass awer konsequent dofir, Leit a Länner an Nout, déi humanitär Hëllef brauchen, massiv ze ënnerstëtzen an den **UNHCR (Haut Commissariat des Nations Unies pour les réfugiés) grousszügig ze finanzéieren**. Dëst ass net nëmmen eng mënschlech Verplichtung, mee och e Bäitrag dofir, datt Leit sech net op eng geféierlech Rees maachen, an der Hoffnung, sech an Europa eng nei Existenz kënnen opzebauen. Mir wëllen de Leit do hëllefen, wou si sinn, an dann, wa si Hëllef an Ënnerstëtzung brauchen!

D'Positioun vun der ADR, wéi hei an dësem Pobeier beschriwwen, betrëfft virun allem dräi Beräicher:

- d'Situatioun vun deene Leit, déi Asyl froen (Konventioun vun 1951) a vun de Krichsflüchtlingen (no der Genfer Konventioun vun 1949) an hiren Accueil zu Lëtzebuerg
- den europäeschen an dee méi wäiten, internationale Kader
- d'Prozeduren

A) Situatioun vun deene Leit, déi Asyl froen (Genfer Konventioun vun 1951), a vun de Krichsflüchtlingen (no der Genfer Konventioun („Convention (IV) de Genève relative à la protection des personnes civiles en temps de guerre, 12 août 1949“) an hiren Accueil zu Lëtzebuerg

- A1) **D'ADR bekennt sech kloer zum Asylrecht**, sou wéi et an deene relevanten, internationale Konventiounen festgeluecht ass. Verfollegt Mënschen hu Recht op Schutz, a Lëtzebuerg soll houfreg sinn, fir als fräit an demokratescht Land kënnen esou Leit ze hëllefen. Gläichzäiteg ass d'ADR **vehement géint all Mëssbrauch vum Asylrecht**. D'ADR applizéiert d'Konventioun vun 1949 iwwert de Schutz vun Zivilpersounen a Konfliktsituatiounen, d'Asylrechtskonventioun vun 1951, d'Schengen-Konventioun an d'Accorde vun Dublin. Wann dës Rechtsinstrumenter op europäeschem Niveau net konsequent an zouverlässeg ugewannt ginn, muss all Land d'Recht hunn, seng national Intressen duerch adequat a proportionéiert Moosnamen, inklusiv Grenzkontrollen, ze schützen.
- A2) Fir dat wäertvollt Rechtsinstrument vum Asylrecht och a schwéieren Zäite kënnen ze erhalen, ass et wichteg, **géint all Mëssbrauch vum Asylrecht virzegoen**. Et ass wichteg, fir déi gesellschaftlech Akzeptanz vum Asylrecht ze erhalen.
- A3) Aus praktesche Grënn a fir geféierlech Reesen ze verhënneren, ass d'ADR der Meenung, datt, esou wäit wéi méiglech, **Asyldemandë scho sollten an den Ambassadë vun den europäesche Staaten am Ausland gemaach ginn** an och schonn do sollten, an enger éischer Phas, administrativ bearbecht ginn.
- A4) D'ADR schwätzt sech fir eng korrekt a mënschewierdeg Behandlung vu Leit aus, déi an der Europäescher Unioun Asyl froen. Déi humanitär Ethik an Traditioun vun Europa muss och an der Behandlung vun deene Leit däitlech ginn. **D'ADR seet all deene Leit Merci, déi benevole Aarbecht maachen**, fir Leit, déi Schutz brauchen, ze hëllefen.
- A5) D'ADR ënnersträicht, datt Leit, déi verfollegt ginn an dowéinst e Recht op Asyl kënnen beusprochen, an déi, déi sech viru Kricher wëllen a Sécherheet bréngen, sollen esou behandelt ginn, wéi et an de Genfer Konventiounen an an anere fir eis gëllegen, internationale Konventiounen steet. Zu deem Zweck solle **fir d'Krichsflüchtlinge Sécherheits- a Sanitärzonen an de Konfliktzone geschaf ginn**, déi militäresch geschützt ginn. A Konformitéit mam internationale Recht stinn dës Zonen ënnert der Verantwortung vun de krichsféierende Parteien, déi dobäi awer vun der UNO, hiren Ënnerorganisatiounen an Anere kënnen ënnerstëtzt ginn. Lëtzebuerg soll bereet sinn, fir bei der Sécherung vun esou Zone matzewierken. Esou Zone mussen net op dem Territoire vun der Europäescher Unioun leien. Länner, déi vill Krichsflüchtlinge bei sech ophuelen, wéi z.B. d'Tierkei, Jordanien oder de Libanon, solle finanziell an och anescht grousszügig ënnerstëtzt ginn, ënnert der

Bedéngung, datt déi Hëllef direkt un déi Concernéiert geet an net kann zu aneren Zwecker benotzt ginn. Och den UNO-Flüchtlingskommissariat UNHCR soll massiv ënnerstëtzt ginn.

- A6) D'ADR ass der Iwwerzeegung, datt **Mënschen, déi a Séinout sinn, mussen gerett ginn, dëst no de Reegele vum internationale Recht**. Si begréisst an ënnerstëtzt dowéinst déi Operatiounen an Initiativen, déi zu deem Zweck vun der EU an aneren am Mëttelmier gefouert ginn. Si seet deene Lëtzebuerger an ONGe Merci, déi sech un deenen Operatioune bedeelegen. D'ADR ass awer dobäi der Meenung, datt Leit, déi um Mier gerett goufen, sollen op eng **Plaz baussent der EU** bruecht ginn, op där hiert Liewen net a Gefor ass. Dat kann deen éischte sécheren Hafen oder och eng Sécherheitszon sinn – konform zu de Genfer Konventiounen - an Nordafrika oder dem Noen Osten. **Et däerf awer net méiglech sinn, iwwert de Wee vum Mëttelmier, illegal an Europa anzereesen.**
- A7) D'ADR schwätzt sech fir e **resolute Kampf géint Schlepper a Mënschenhändler** aus. Mat alle polizeilechen a juristesche Mëttele gëllt et, kriminell Reseauen ze zerstéieren an hir Memberen ze bestrofen. Um oppene Mier sollen och militäresch Mëttelen agesat ginn, an all Transportmëttel sollen – selbstverständlech no der Rettung vun de Leit – zerstéiert ginn.
- A8)** Et kann net sinn, datt e Flüchtling, deem säi Statut unerkannt ginn ass, Vakanz a senger Heemecht mécht an dann erëm zrëckkënn. Wann een an engem Land ka Vakanz maachen, ass een do weder a Gefor, perséinlech verfollegt ze ginn, nach de Gefore vun engem Krich ausgesat. **De Faktum, a säi Land zrëckzegoen, entrainéiert also de Verloscht vum Schutzstatut.**
- A9) D'ADR ass der Meenung, datt déi Leit, déi e Recht op Asyl hunn a praktesch keng Perspektiv hunn, fir jeemools nees kënnen an hiren Hierkonftslänner Fouss ze faassen, prioritär sollte gehollef kréien. Dat gëllt besonnesch fir verschidde reliéis Minoritéiten, wéi z.B. Chrëschten, Judden oder Jesiden aus dem Noen Osten.
- A10) Déi europäesch Länner hunn och e legitimt Recht, fir drop Uecht ze dinn, datt déi Leit, déi Asyl kënnen kréien, **sech kënnen relativ liicht an hir respektiv Gesellschaft integréieren**. Dat gëllt deemno un éischerter Plaz fir Leit mat engem jiddesch-chrëschtlechen Hannergrond.

B) Europäeschen an internationale Kader

- B1) Nieft Leit, déi verfollegt ginn an dowéinst e Recht op Asyl kënne beusprochen, an deenen, déi sech viru Kricher wëllen a Sécherheet bréngen op där enger Säit, hu mer op där anerer Säit eng Kategorie vu Leit, déi eng Migratioun an Europa aus haaptsächlech ekonomesche Grënn a baussent de legalen Dispositiounen ustriewen. Verschiddener vun hinne maachen dat iwwert de Wee vun enger objektiv net begrënnter Asyldemande, anerer profitéiere vun der héijer Zuel vu Mënschen, déi gläichzäitig an d'EU wëlle kommen, an hoffen, am Schutz vun esou massive Migratiounsbeweeunge mat an d'EU eranzekommen. Nach anerer iwwertrieden EU-Grenzen, wéi zum Beispill an deene spueneschen Exklaven an Nordafrika. **An den Ae vun der ADR kann esou eng wirtschaftlech Migratioun awer op kee Fall op illegalem Wee geschéien** an dann och nach fir gutt befonnt oder toleréiert ginn. Fir d'Immigratioun an Europa an op Lëtzebuerg gëtt et legal Weeër a Prozeduren, déi mussen agehale ginn. **Wirtschaftsmigranten, déi net op legalem Wee an Europa kommen, hunn natierlech kee Recht op Asyl** oder op e Bleiwen an der EU a mussen esou séier wéi méiglech zréck an hir Länner.
- B2) D'ADR ass der Meenung, dass **prinzipiell kee Memberstaat vun der EU – och net Däitschland – kann eesäiteg decidéieren, dass europäesch Direktiven a legal Prozeduren ausser Kraaft gesat sinn**, wann dëst gréisser Intressie vun anere Memberstaate beréiert. An esou engem Fall wärend preliminär Konsultatiounen néideg, fir et anere Länner ze erlaben, hir Intressien an enger eesäiteg nei geschafener Situatioun op eng effektiv Manéier ze schützen. Dat eesäitegt däitscht Handeln duerch d'Ausserkraaftsetze vun den Dublin- a Schengen-Regelen, schafft awer elo fir d'Zukunft dat selwecht Recht fir all anere Memberstaat. D'ADR bedauert besonnesch och, dass déi **däitsch Decisiounen vun 2015 de Migratiounseffekt nach däitlech verstärkt hunn** („effet aspirateur“/„pull effect“) a stellt domat eng Hauptverantwortung vun Däitschland fir verschiddener vun deenen aktuellen Entwécklung fest.
- B3) D'ADR verlaangt **d'Enregistréieren an d'Kontroll vun ausnamslos alle Persounen, déi op den Territoire vun der EU kommen** an zwar direkt, wann d'Leit an d'EU kommen. Dobäi sinn nient der Identitéit och all relevant biometresch Daten ze erfaassen. Och den Zougrëff op den Handy muss méiglech sinn, fir d'Identitéit vun enger Persoun festzustellen. Nëmme esou kënnen déi legitim Sécherheitsintressie vun den europäesche Staate geschützt ginn. D'ADR ass dofir, dass **d'Memberstaaten, am Respekt vun der nationaler Souveränitéit, sech géigesäiteg ënnerstëtzen, fir Migranten ze kontrolléieren, ze identifizéieren an ze registréieren**. D'Prozeduren mussen harmoniséiert an iwwerall korrekt an zuverlässeg befollegt ginn. Den Austausch vun allen Daten tëscht der Justiz an de Police- an Douanesverwaltungen vun alle Memberstaaten muss ouni Problem funktionéieren. D'Police an d'Douane mussen en direkten Zougrëff op all relevant Informatiounen hunn.
- B4) D'ADR ass och dofir, dass déi Staaten, an deene vill Leit ukommen, personell, materiell, logistesche a finanziell ze ënnerstëtzen. D'ADR ass domat averstanen, dass **Lëtzebuerg zum Schutz vun den europäesche Bausegrenze bäidréit**, inklusiv duerch e Bäitrag zu Frontex. Si ass och der Meenung, dass **d'Douane muss allzäit iwwer genuch personell an aner Mëttele verfügen, fir kënne Kontrollen un de Lëtzebuurger Grenzen duerchzuführen**.
- B5) D'ADR ass **géint obligatoresch Quote fir d'Verdeele vu Flüchtlingen**, ënner anere dofir, well dat géing heeschen, dass d'Staate misste Moosnamen huelen, fir déi Flüchtlingen, déi si zougewise kréichen, eventuell och géint deenen hire Wëllen op hirem Territoire kënne festzehalen. A verschiddene Länner géing dat noutgedrungen zu der Ariichtung vu Lagere féieren, wat fir verschidde Länner absolut net akzeptabel ass. Hei sief däitlech op déi historesch Erfarungen vu Polen an aneren

zentral- an osteuropäesche Länner verweisen. D'ADR betount, datt si der Iwwerzeegung ass, **datt all Staat muss kënnen souverän decidéieren**, wien, firwat, ënnert wéi enge Konditiounen a fir wéi laang däerf op sengem Territoire sejournéieren. Während dem Openhalt vun deene betraffene Persounen zu Lëtzebuerg kann de Staat hinnen **Aarbechten am ëffentlechen Intressi** proposéieren.

- B6) Fir d'ADR ass kloer, datt sozial a medezinesch Prestatiounen fir Persounen mat engem internationale Schutzstatut nëmme kënnen an deem Land an Usproch geholl ginn, an deem déi betreffend Persoun de Schutzstatut krut. Dréngend humanitär Situatiounen si vun där Reegelung ausgeholl. De **Sozialtourismus** vu geschützten Persounen tëschen EU-Staaten, wéi mir en am Abléck kennen, **muss awer ënnerbonne ginn**.
- B7) D'ADR ass **fir e Bäibehale vum Schengen-System**, verlaangt awer Nobesserungen. D'Souveränitéit vun de Staaten muss besser respektéiert ginn, déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit muss kënnen méi liicht bekämpft ginn, a Persounen, déi sech baussent de legalen Dispositiounen bewegen, müssen och kënnen un EU-Bannegrenzen ofgewise ginn. D'ADR ass och prinzipiell **fir d'Bäibehale vun de Prinzipien vum System vun Dublin am Beräich vum Asylrecht** – quitt datt och dee System muss deelweis iwwerschafft ginn. D'ADR bekennt sech prinzipiell zu oppene Grenzen an der EU an zur Reesfräiheet. Fir datt déi awer net ka mësbrauch ginn, mussen punktuell oder limitéiert a cibléiert Grenzkontrollen zu all Abléck kënnen souverän decidéiert ginn, ouni datt e Staat aner Staaten doriwuer muss informéieren, esoulaang keng vital Intressen vun aneren Staaten duerch esou eesäiteg Moosnamen beréiert ginn.
- B8) D'ADR ass dofir, datt Lëtzebuerg an d'EU diplomatesch bei den islameschen Staaten intervenéieren, besonnesch och bei deene räiche **Golfstaaten**, fir datt si **méi Flüchtlingen ophuelen**.
- B9) **D'ADR ass dofir, datt d'EU zesumme mat den USA a Russland nei diplomatesch Initiativen hält, fir verschidde Konflikter ze léisen**. Dozou gehéieren och en Dialog mam Iran, der Tierkei a mat Saudi-Arabien iwwert de Konflikt a Syrien an am Jemen. En obligatoreschen Militärdéngscht an engem Staat mussen ze leeschten, begrënnt kee Recht op Asyl an engem aneren Land, fir sech dem Militärdéngscht a sengem Land kënnen ze entzéien.
- B10) D'ADR schwätzt sech dofir aus, eventuell Ufroen op Asyl esouwäit ewéi méiglech baussent dem Gebitt vun der Europäescher Unioun entgéintzuehelen an do ze ënnersichen. Si ass **géint all Politik, déi kriminell Praktiken vu Schlepper a Mënschenhändler kéint direkt oder indirekt ënnerstëtzen**.
- B11) D'ADR verweist och op hir Propositionen am Kader vun der Entwécklungshëllef an op **d'Wichtigkeet vun engem konsequentem Engagement fir den internationale Fridden an d'Sécherheet**. Eng gutt Diplomatie mat adequate Mëttelen an eng cibléiert Kooperatiounspolitik mam Zil vun engem nohaltegen ekonomeschen Opbau kënnen dozou bäidroen, Migratiounsbewegungen ze verhënneren.
- B12) Bis zefriddestellend Léisungen op europäeschem oder internationalem Niveau fonnt ginn, ass d'ADR der Meenung, datt déi ganz **Migratiounspolitik eng national Kompetenz** muss sinn. All Staat muss kënnen seng Grenzen esou schützen, wéi hien et fir richtig hält.

C) Prozeduren

- C1) **Wien aus engem sécheren Drëttstaat op Lëtzebuerg kënnt, kann hei keen Asyl kréien.** Dës Grondreegel vum Asylrecht beréiert net déi Méiglechkeet, déi d'Lëtzebuerger Regierung huet, fir souverän Decisiounen zu Gonschte vun Einzelpersonen oder Gruppe vu Persounen ze huelen (z.B. am Kader vun engem „resettlement“. Ënnert engem „resettlement“ versteet een eng fräiwëlleg Verleegung vun, am Prinzip schonn als schutzbedierfteg, unerkannten Refugiéierte vun engem Land an en anert an deem si e Schutzstatut kréien, ouni missen duerch eng nei Unerkennungsprozedur ze goen).
- C2) D'ADR fuerdert, datt déi **finanziell a materiell Leeschtunge fir Leit, déi an enger Asylprozedur sinn, europawäit standardiséiert ginn.** Dat selwecht gëllt, esou wäit ewéi méiglech, fir d'Dauer vun de juristesche Prozeduren. No Schwäizer oder hollänneschem Virbild misst probéiert ginn, fir déi Prozeduren an enger minimaler Zäit, z.B. enger Woch, ofzeschléissen. Mir müssen den „asylum-shopping“ an Europa verhënneren an de Schengener Informatiouns-System zu deem Zweck och besser asetzen.
- C3) D'ADR ass **fir eng Vergréisserung vun der Lëscht vun de sécheren Drëttstaaten**, eng staark Verkierzung a Vereinfachung vun den Asylprozeduren, eng Reform vun der „assistance judiciaire“, d'Eliminatioun vu Mëssbrauchsméiglechkeeten an der Asylprozedur an eng temporär Aféierung vun enger Visaspflicht fir verschidde Balkanlänner, bis garantéiert ass, datt keng Asyldemandë méi vu Leit aus deene Länner kënne gestallt ginn. Dozou gehéiert och de Kosovo. Leit, déi um Enn vun der juristescher Prozedur sinn a keen Asylrecht kruten, müssen esou séier ewéi méiglech rapatriéiert ginn, och well si anere Leit an Nout, déi vläicht wierklech e Recht op Asyl hunn, Plazen ewechhuelen.
- C4) Persounen, déi an engem oder méi Staate **multipl Identitéiten** uginn, **net aktiv an éierlech zu hirer Identifizierung bäidroen**, wichteg Informatiounen ënnerschloen hunn oder Prozeduren a méi wéi engem EU-Memberstaat ugefrot hunn, hu **kee Recht op Schutz zu Lëtzebuerg.**
- C5) D'„assistance judiciaire“ gëtt op déi Prozedure beschränkt, déi an europäeschen Direktiven explizitt virgesi sinn.
- C6) Bei Persounen, déi behaupten, mannerjäreg ze sinn, ouni dat kënne glafwierdeg ze beweisen, gi **systematesch all medezinesch Tester duerchgefouert**, déi et mat héijer Warscheinlechkeet erlaben, hiren Alter zouverlässeg ze schätzen.
- C7) D'Reegele **fir d'Familljenzesummeféierung ginn däitlech méi restriktiv.** Et ass selbstverständlech, datt de Grondsaz vun der Monogamie dobäi ëmmer muss respektéiert ginn. Eng Familljenzesummeféierung ass och am Ausland méiglech, wann z.B. eng Rei vun anere Familljememberen an engem aneren EU-Staat e Schutzstatut kruten.
- C8) D'ADR **toleréiert net, wa Leit, déi an enger Asylprozedur sinn, gewalttätig ginn**, oder d'Legislatioun oder d'Police an d'Uerdnungsdéngschter vum Land, an deem si grad sinn, net respektéieren. An esou Fäll ass eng Internéierung, zum Beispill am Centre de rétention, aus Sécherheetsgrënn ze envisagéieren.
- C9) D'ADR fuerdert, datt **Leit, déi an enger Asylprozedur sinn a wärend där Zäit strouffälleg ginn, nach am Laf vun hirer Prozedur ausgewise ginn.** D'ADR verweist drop, datt vill Drogenhändler an engem anere Memberstaat an enger Asylprozedur sinn a mat net komplett ausgefëllten oder

esouguer ouni Pobeieren op Lëtzebuerg kommen. An esou Fäll muss eng séier an effikass Léisung am Intressi vun der ëffentlecher Sécherheet fonnt ginn.

- C10) D'ADR ass dofir, **Leit, déi ofgewise goufen a sech virun der Police verstoppen, juristesch ze verfollegen**, genee esou wéi déi Leit, déi hinnen dobäi hëllefen. Dozou ginn nei penal Reegelen agefouert.
- C11) D'ADR ass der Meenung, datt geriichtlech Urteeler an engem demokratesche Rechtsstaat ze exekutéiere sinn. Dowéinst fuerdert si, datt **Leit, déi ofgewise goufen a sech virun der Police verstoppen, juristesch musse verfollegt ginn**. Verschidde legal Dispositiounen, déi an deem Kontext schonn existéieren a kéinten agesat ginn, ginn aktuell leider net konsequent benotzt.
- C12) Genee esou solle **Leit, déi aneren dobäi hëllefen, sech de Konsequenze vun engem rechtsstaatlechen Urteel ze entzéien, och kënne bestrooft ginn**.
- C13) **Dat illegaalt Nees-Areese vu Leit, déi no enger fir si negativer Asylprozedur fräiwëlleg ausgereest sinn oder rapatriéiert goufen, muss penaliséiert an och systematesch verfollegt ginn**. De Faktum, no enger Ausweisung nees zrëck op de Lëtzebuerger Territoire ze kommen, gëtt penaliséiert. D'ADR ass och dofir, Schlepper, déi Leit aus dem Balkanraum oder aus anere Regiounen op Lëtzebuerg bréngen, endlech ze verfollegen.
- C14) D'ADR verlaangt vun der Regierung, datt si **d'Ëffentlechkeet permanent iwwert d'Evolutionen am Migratiouns- an Asylberäich um Lafenden hält** an hir aktuell, komplett, global a richteg Zuele matdeelt, inklusiv iwwert déi verschidde Kategorië vu Prozeduren, d'Ënnerbréngung vun de betraffene Persounen, d'Käschte fir de Staat an d'Gemenge fir all Déngschtleschtungen, asw.
- C15) D'ADR ass **géint eng Verdeelung** vun de Persounen, déi Schutz froen oder Schutz kruten, **no engem Quotesystem** op all d'Gemengen. All Gemeng muss fir sech selwer kënnen decidéieren, ob si esou Persoune wëll ophuelen oder net.
- C16) Déi **Fäll vun engem Openthalt aus „Toleranz“-Grënn ginn op absolut Noutfäll beschränkt**. Konkret heescht dat, datt och déi Geriichtsurteeler vun engem Verwaltungsgericht, déi fir eng bestëmmte Persoun negativ ausginn an déi dowéinst net däerf zu Lëtzebuerg bleiwen, och regelméisseg, komplett a séier auszuféiere sinn.
- C17) **Leit, déi Asyl oder e subsidiare Schutzstatut zu Lëtzebuerg kruten, mussen zrëck an hir Heemecht, esoubal d'Ëmstänn an deem Land dat erlaben**. Dëst ass kontinuéierlech ze iwwerpräiwen. Déi Leit ginn an hiren Heemechtslänner sécher nach méi gebraucht wéi hei zu Lëtzebuerg. Länner, déi ënnert engem Konflikt gelidden hunn, mussen nees opgebaut ginn a brauchen Zukunftsperspektiven.
- C18) **Strukturen, déi fir Migrante gebaut goufen** an no der Aféierung vun der ADR-Migratiounspolitik nees fräi ginn, sollen **anere sozialen Zwecker** zougefouert ginn. Dobäi mussen, do wou dat sënnvoll ass, déi néideg Amenagementer virgesi ginn.

Am Resumé ass **d'ADR fir d'Erhale vum Asylrecht** a wëll dobäi **gläichzäiteg all Mëssbrauch vun deem Recht ënnerbannen**.